**Reunion vum JGR-HESPER**

12.03.16 um 10:30 Auer  am  Jugendtreff

**Présences :** Nicky, Stefano, Laura, Cindy, Emerson, Michèle, Claude

**Ordre du Jour JGR**

- Nuit du Sport
- Let's work
- Treffe mam Schäfferot
- Neie Comité fir de JGR-HESPER
- Vëlostour
- Spillowend

## Nuit du Sport

De Jugendgemengerot wëll dëst Joer erëm e Stand op der Nuit du Sport de 4. Juni maachen a kinnt de Gedrénks- an Iessensstand maachen. Kuch, Bréidercher, Grillen, Gedrénks. D'Recette wär fir de Jugendgemengerot a kinnt fir seng Aktivitéite benotzt ginn. Jiddereen aus dem JGR freet ronderëm sech Kolleg-inn-en fir matzehëllefen.

Um Stand solle Flyere verdeelt ginn an d'Leit iwwert de JGR informéiert ginn.

**Material matzebréngen:** T-shirten (Emo), Roll-up (4motion),Iessen (Emo), Gedrénks (Emo)

**Material virzebreeden:** Flyeren, Panneauen iwwert Projeten

**Präsent kënne sinn:** Stefano, Nicky, Laura, Claude, Michèle, Cindy (net bis zum Schluss)

## Let's work 16. Abrëll

Ateliere fir Jonker, Test-Entretienen an CV-Feedback. Atelier och vu 4motion fir d'Formatioun „Däi Potential fir däi Beruff" virzestellen an an engem Crashcours unzebidden, virun allem de Volet „Wat läit mir, wat wëlle mir?".

## Treffe mam Schäfferot

De JGR proposéiert sech den 21/05/2016 um 10:30 Auer mam Schäfferot ze treffen.

Sujeten: Zebrasträifen, Aktivitéitsplang vum JGR

De Schäfferot soll gefrot ginn op si zu engem Thema den Avis vum JGR wëllen. Den Emerson kuckt mam Romain op deen Datum méiglech wär oder aner Datumsproposen fir de Mee ze kréien. Och kuckt hien iwwert de Romain op de Schäfferot Sujeten/ Dossieren huet wou en een Avis vum Jugendgemengerot wëll kréien.

**Neie Comité fir de JGR-HESPER**

Mat Eestëmmegkeet ass den neie Comité vum Jugendgemengerot gewielt ginn:

Präsident: Stefano Polignano
Vize-Präsidentin: Laura Mockel
Sekretärin: Cindy Ferrao
Trésorier: Nicky Ferrao

**Vëlostour :**

Jugendtreff > Houwald > Waassertuerm > duerch de Bësch > Hesper Cité um Schlass (Picknick) > Felder Fenteng > Alzeng > Izeg

**Spillowend:**

Fir de Spillowend samschdes den 9. Abrëll vun 18 bis 21 Auer soll 4motion e klenge Flyer maachen, an et solle Frënn vun de Membere vum Jugendgemengerot, all Jonker a Jonker aus dem Jugendtreff invitéiert ginn.

**Nächst Reunioun**
9. Abrëll um 10:30 Auer, Treffen am Jugendtreff